

Zeitung vum 'natur musée' fir jonk Leit

De Panewippchen

N°76 3/2006



'natur musée'
25, rue Münster
L-2160 Lëtzebuerg
Tel.: 462233 450
www.panda-club.lu
www.naturmusée.lu



De Panewippche gëtt op chlorfräi gebleechte Pabeier gedréckt an entsprécht der neiier Lëtzebuurger Schreiftweis

Luxembourg-1
Port payé
P/S.336

Ministère de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche - Musée national d'histoire Naturelle - 'natur musée' -
Ministère de la Famille et de l'Intégration - Service National de la Jeunesse - Ministère de l'Environnement - Administration des Eaux et Forêts -
Administration de l'Environnement - Ministère de la Santé - Ministère de l'Intérieur et de l'aménagement du Territoire -
Ministère de l'Education Nationale et de la Formation Professionnelle

Vum **13. Oktober 2006**
bis de **4. Mäerz 2007**
kanns du dës intressant Ausstellung
zum Thema

Bzzzzz: Mécken
am 'natur musée'
gesinn.



IMPRESSUM:

Redaktiounscomitée: S.Backes, C.Brochmann, C.Flesch, S.Goerens, C.Greisen, M.Hagen, S.Hagen, M.Hoffmann, M.Kirsch, S.Majerus, M.Reichard, J.Steinmetz, F.Theisen, M.Ursone, Y.Wagener. **Texter:** S.Goerens, C.Greisen, S.Hagen, C.Heidt, S.Majerus, Y.Wagener. **Grafik an Illustratioun:** S.Goerens, S.Hagen

OPRUFF:

**Weis de Panewippchen denge
Kollegen!!**

Huel de Panewippche mat an d'Schoul,
op d'Familljefest, an de Sportclub, an d'Musek, ...
Abonnéiere kann een en am Panda-Club:
25, rue Münster
L-2160 Lëtzebuerg
Tel: 46 22 33 450
Info: www.panda-club.lu



LINKS:

An hei fënns du super schéi Fotoen, an net nëmme vu
www.fotocommunity.de/pc/pc/cat/1385

Op dësem Site fënns du e ganze Koup
Informatiounen zum Thema:
www.zdf.de/ZDFde/inhalt/1/1/0,1872,2057995,00.html

Du kenns jo bestëmmt de Janosch.

**Ich mach dich
gesund, sagte der Bär.**

Dat ass en Titel aus der Serie vu senge flotte
Bicher, deen ënner der ISBN N°340 779 3359
am Beltz Verlag erauskomm ass.

Et ass d'Geschicht vum Tiger, dee krank ass, a
vum klengen Bier, deen him hëllef, schnell rëm
op d'Been ze kommen. Well zesumme sinn déi
zwei jo staark, sou staark wéi en Tiger an e Bier.



Léisung vun der Sait 15: B) et sinn ongeféier 100.000 Méckenaarte weltwäit bekannt.

NORUFF op de BRUNO

De Bruno, deen 2004 an Italien gebuer gouf, huet wéi all jonke Bier 2006 d'Revéier vu senger Mamm verlooss an ass duerch Éisterräich a Bayern gewandert. Schons a senger Jugend hat de Brongbier vu senger Mamm Jurka geléiert, datt et an Dierfer vill z'iesse gëtt. Brongbiere friesse bal alles an et ass ustrengend fir wëll Déieren ze fänken. De Bruno hat keng Loscht, fir sech midd ze man. Dofir huet hie Schof an Hénger an den Dierfer dout gemaach, fir ze friessen an hien huet den Hunneg aus Beiestäck geklaut. Dat huet natierlech verschidde Leit net gefall an dofir ass de Bruno als e ganz geféierleche Bier duergestallt ginn, deen eng Gefor fir de Mënsch wier. Obschons de Bruno virun de Leit fortgelaf ass, ass hien de 26. Juni 2006 erschoss ginn. Den Ofschoss weist, datt och geschützten Déieren, wéi de Brongbier, nach ëmmer keng Chance géint d'Dommheet vu verschidde Leit hunn. An Italien hunn d'Bieren et besser. Do gëtt och elo probéiert d'Jurka anzefänken, fir datt et seng Iessgewunnechten net u seng Kanner weider gëtt. Wann hatt gefaang ass, muss et an engem Wëldpark liewen. Dat hätt och missten a Bayern sou gemaach ginn, mee dofir brauch een Zäit.

DRACULA MÛCKEN



HOFFENTLECH FÄLLS DU GLÄICH EROF! ECH BRAUCH DECH DRECKSVËI NET!

FLËI MËI LUES, MIR GËTT ET SCHWINDLEG!



E BËSSE MËI RESPEKT VIRUN DENGER PRIVATER INFIRMIERE. ALL DAG ËNNERSICHEN ECH DÄI BLUTT, FIR RAUSZEFANNEN, OB S DU NACH GESOND BASS.

DU BASS NET NËMMEN DAT GRÄISLECHST DËIER, MÄ OCH NACH E GROUSSE LIGENER.

LAUSMÛCKE LIEWEN NEMMEN E PUER WOCHEN.

HEEE!!

EGAL WAT, DU PICKS MECH DACH JUST NËMMEN, FIR DIR MAT MINGEM BLUTT DE BAUCH VOLLZESCHLOEN. MÄ ET DAUERT SOUWISOU NET MËI LAANG, BIS DU STIERFS, AN DANN HUNN ECH ENDELECH MENG ROU.



FREE DECH NET ZE FRËI: DE KADO LÄIT SCHONS AN DENGEM NASCHT! MIR LAUSMÛCKEN IWWERWANTEREN NÄMLECH ALS POPP AN ALE VULLENNÄSCHTER. GUTT DATT D'LEEËNDECKER ËMMER AN DAT SELWECHT NASCHT BRËIE GINN. WELLSOUBAL DËI JONK LEEËNDECKER AM NASCHT AUS DEN EEËR KLAMMEN, GINN AUS MENGE POPPEN ERËM LAUSMÛCKEN.

LAUSMÛCKE SI PLATT MÛCKEN, DËI BEI VULLEN A MAMENDEËIERE BLUTT SUCKELEN. VERSCHIDDENER HU SOU MICKREG FLILLEKEN, DATT SI MOL NET MËI FLËIE KËNNEN. DËI GUTT NORIICHT ZUM SCHLUSS: SI GI BAL NI OP DE MËNSCH.



ENTWÉCKLUNG VUN DER MÉCK

UM BEISPIEL VUN DER MUSTIK



Ech erklären lech lo mol, wéi sech déi wonnerschéi Mustiken entwéckelen:




Wonnerschéin? Nerveseë sidd Dir!

Fir datt eis Eeër zeideg ginn a mir se leeë kënnen, brauche mir eng uerdentlech Bluttmolzecht! Sorry, dofir picke mir lech Mënschen! Eis Männercher man dat awer net! Mir Weibercher leeën ongeféier 300 Eeër op d'Waasser, déi schwammen dodrop wéi e Flooss. Soubal d'Eeër um Waasser sinn, gëtt erëm Blut gesuckelt an da ginn erëm Eeër geluegt.

4


No 24 bis 48 Stonne streckt d'Popp sech uewen um Waasser aus, d'Haut brécht op an déi fäerdeg Mustik (Imago) klëmmt eraus, ouni naass ze ginn. Wann hir Fililleken entkniwelt a gedréchent sinn, flitt si fort a leet selwer Eeër.




4 IMAGO

MÉCK = FLIEGE = MOUCHE
MUSTIK = MÜCKE = MOUSTIQUE


1 EEEER



3 POPP



2 LARV



Aus dem Ee klëmmt no 2-5 Deeg eng Larv. Déi fällt an d'Waasser. Si huet just eppes ze dinn: friessen! Si frupst kleng Deelercher, déi um Waasser schwammen. Si wiisst esou vill, datt si 3 mol eng nei Haut kréie muss. Si otemt duerch e Schnorchel.

3 No ongeféier 3 Woche gëtt aus der Larv eng Popp mat haarder Schuel. Och si otemt duerch e Schnorchel.

2

DOKTER MUED

Op Wonn, déi ganz schlecht heelen, setzen d'Doktere neierdénge Muede vu Mécken. Déi Muede sinn an engem ganz dënne Säckelchen aus Gaze. Sinn déi Doktere komplett verréckt ginn? Natierlech net, well déi Mueden iesse just dat fault an entzünzte Fleisch vun der Wonn. Un déi gesond Deeler gi si net. No e puer Deeg ass d'Wonn propper gebotzt an heelt normalerweis rëm ganz gutt.

4

SHERLOCK MUED

Fir rauszufannen, wéi eng Mécken hir Eeër op Läiche leeën, hu Wëssenschaftler aus Däitschland en doudegt Schwäin an de Bësch geluegt an all Dag Mueden agesammelt, fir ze ënnersichen. Iwregens ginn et net vill Ënnerscheeder téschent enger Schwéngshaut an enger Mënschenhaut. Si hu rausfonnt, datt déi verschidde Méckenarten hir Eeër net all zur selweschter Zäit leeën. Déi eng gi just

op ganz frësch Läichen an anerer kommen, wann d'Läiche schons bal ganz verweest sinn. Wann een also Mueden op enger Läich, déi am Bësch fonnt ginn ass, ënnersicht, kann ee genee soen, wéini dës Persoun gestuerwen ass. Dat ass dacks ganz wichtig, fir bei engem Mordfall de Mäerder ze fannen. An d'Experte kënnen souguer rausfannen, ob déi Persoun vergëft ginn ass, well am Méckekierper kann ee verschidde Gëfter a suguer Drogen erëmfannen.

Méckeprabbeli,

Méckeschwamp (L)

Fliegenpilz (D)

amanite tue-mouches (F)

Amanita muscaria (Lat)



Den Hutt ass bis 18 cm breet, d'Faarwe si bekannt: do ass et un dir!
 Ënnert dem Hutt si wäiss Lamellen. Do bilde sech d'Sporen, déi de Pilz brauch fir sech weiderzeplanzen. De Still ass bis 20 cm laang a wäiss. En huet uewen eng Manchette an ënnen eventuell waarzeg Rimmer.

„Deen huet Mécken am Gehir“ – sou ass am Mëttelalter gesot ginn, wann ee geckeg war, z.B. well een e Champignon giess hat, deen net fir z'iessen ass.

A Sibirien gëtt de „Narrenschwamm“ vun de Schamanen* gedréchent a giess oder eng Britt dovu gedronk. Och Leit, déi duerno de Schamanen hiren Urin drénken, komme sou

an e Rausch: si gesi Männercher, wëssen net méi,

wat se maachen, hu gelungen Drem an et gëtt hinne ferm schlecht.

Onnéideg ze soen: dat musst de op kee Fall nomaachen!

*Schaman: traditionelle Medezinmann, an engems Zauberer a reliéise Chef.

Den 21./22. Dezember – da, wann d'Sonn daags-iwwer am déifsten am Himmel steet – dreift de germanesche Gott Wotan säi Päerd duerch d'Wolleken. Iwwerall do, wou dem Päerd säi Spaut op de Buedem fällt, kommen am Hierscht drop déi schéi rout-wäiss Champignonen aus dem Buedem.

Deen heite Méckepilz ass iessbar – a schmaacht souguer ganz lecker! Huel e wäisse Mini-Schokokuss, schneid aus

engem Eeëkartong dat ronnt Stéck eraus, wou d'Eeër draleien, mol dat faarweg a setz dësen Hutt op de Schokokuss.

MMHHHMMMM!!!

Du gesäis: ech hat kee Mini-Schokokuss, an e war och net wäiss, mä

en huet ganz lecker geschmaacht.

Vill Nimm fir dat selwecht, mä wat stécht hannert deem Pilz, deen zu Lëtzebuerg virum schlechte Wieder schützt an a Frankräich mat enger Kalaschnikow op d'Mécken duergeet!?



Déi wäiss Flecken um Hutt, grad wéi déi waarzeg Rimmer um Still, sinn eigentlich Iwwerreschter vun enger Haut, déi de Pilz schützt, wann en nach jonk ass. Wann et vill reent, da gi se erof-gespullt.

De Myzelium ass e groussen Deel vum Champignon a läit ënnerirdesch. Duerch e Geflecht hält de Pilz Nährstoffer aus dem Buedem op (sou wéi d'Wuerzele vun de Planzen). Hie wiest haaptsächlech am Nolebësch oder ënnert Bierken.

Fréier ass de Pilz och vun de Mënsche giess ginn, awer nëmmen no enger spezieller Behandlung, fir d'Gëft erauszehuelen.



Opgepasst!
 De Méckeprabbeli ass **GËFTEG!** Mä dat weess du jo bestëmmt.

De Schleeke schéngt dat näischt auszemaachen (kuck emol, ob s de net e Champignon mat Friessspuere fënns) an e Rendéier aus dem héijen Norden kritt een domat och net impressionnéiert!

En Zoppenteller, de Méckeprabbeli a kleng Stécker geschnidden, waarm Mëllech mat vill Zocker drop – a fäerdeg ass deng Zöppche fir déi lästeg Mécken an der Kichen. Si sinn anscheinend wëll op déi séiss Britt – awer et sollt hir leschte Molzecht sinn! Ob et wierklech fonktionnéiert?!?



Mein Wundergarten

Experiment

Du brauchst:
 Ein Zylinder mit Mücken,
 eine gute Putzfrische
 Pfefferminze



Basilikum



gezappt ginn ass. Dat
 hu se net gär a si fléien
 hiner Wee. Huel deng Zitroun a spiess
 d'Neelchekäpp drop. Dese
 Geroch deet d'Mécken och «lafen».




Basilikum
 oder e Bouquet fräsch
 Pfefferminze oder e puer
 Äscht Tomategeleefs
 oder Zitronelle (net Zitronen-
 melisse) oder Lavendelueleg oder
 eng Zitroun an Neelchekäpp.
 D'Mécken hunn de Geroch
 vun dese Kraider net gär a si fléie léiwer
 éierens anescht. Dat wat awer am
 Beschten hëllef, ass d'Zitronelle...dee
 Geroch hunn d'Mécken awer elo guer
 net gär!


All des Saache fénns du meeschtens am
 Summer, mä du kanns der des Tricke jo
 mol bis d'nächst Joer verhalen. En Zitro-
 nellestack kann ee wéi e
 Blumme-stack d'ganzt Joer iwwe
 halen. Maach e puer Drépse
 Lavendelueleg op de Fënstersteen
 an d'Mécke fléie fort. Fir se aus
 denger Schlofkummer fortzejoen, kanns
 du e Schwamp ophänken,
 deen a Lavendelueleg

Géint déi eekleg Méckeflecken an de
 Fënsteren oder op de Spigele gött et e
 guut a ganz einfacht Méttel: Esseg.
 Gëff e Schotz Esseg op däi Fënsterlieder
 a reif deng Fënster oder Spigel domad-
 der of. D'Mécke vermeiden all Glas, dat
 op des Manéier behandelt ginn ass.


Eng Méckerido an der Dir
 oder déi guut al
 Méckebaatsch
 hëllef an och ganz
 guut.



Du brauchst: E Kar-
 tongrullo, Pechpa-
 beier, e Stéck Spigel-
 folie vun 10 op 11 cm
 (kris du an de Bastel-
 buttiker) dräi Stécker
 Kartong vun 3 x 10 cm,
 Kallekpabeier (Schmierepabier), Locher,
 e puer schéi Päerelen, Steng, Plastik-
 span-
 nen oder soss eppes.
 Pech deng dräi
 Kartongsstécker op
 d'Spigelfolie. Pech
 se elo mat der
 Spigelfolie noban-
 nen zu engem
 dräieckegen
 Zylinder. Stiech
 däi Spigel an
 de Rullo. Stopp Pabeier-
 snuesschnappecher dran, fir datt en
 net rutscht. Pech
 op eng Säit een
 Deckel aus Kal-
 lekpabeier drop
 a schétt e Grapp
 voll Päerelen
 dran.
 Hannen drop
 méchs du een



net rutscht. Pech
 op eng Säit een
 Deckel aus Kal-
 lekpabeier drop
 a schétt e Grapp
 voll Päerelen
 dran.
 Hannen drop
 méchs du een



Bastlerei: Kaleidoskop

aneren Deckel aus Kartong, wou s du
 mam Locher e Lach an d'Métt gemaach
 hues. Pech dat Ganzt mat Pechpobeier
 zesummen. Mol däi Rullo schéi faarweg.



Liicht mat
 enger
 Täsche-
 luucht
 énnen
 op de
 Kallek-
 pobeier a
 kuck uewen
 duerch
 d'Laach. Elo
 kanns du der
 virstellen, wéi eng
 Méck gesäit: si huet jo
 esou speziell Facettenaen
 (kuck Säit 8).



Du brauchst:
 130 ml Mëllech
 350 Gramm
 Miel

1 Pouz Salz
 1 Ee
 1 Päckelche fräsch Hief
 70 gr Botter
 60 gr Zocker
 1 Päckelche Vanillzocker
 100 Gramm «Mécken»
 50 gr Pärelzocker
 1 Ee, fir ze glaséieren
 D'Mécken an e bésse Waasser opgoe
 loossen. D'Hief an der Mëllech opléisen.
 D'gesiffent Miel an eng Schossel ginn
 an an der Métt e Lach maachen.
 Doranner d'Mëllech mat der Hief
 schédde a vun der Métt aus zu engem
 Deeg réieren. No an no d'Ee, den Zocker,
 de Vanillzocker an d'Salz
 draginn. Als lescht de melle Bot-
 ter, d'opgeweechte Mécken an
 den Zocker dra ginn. Alles mate-
 nee verméschen a guut knieden
 (Wann dir doheem eng Brout-
 machin hutt geet et natierlech
 besser!)
 Wann et méiglech ass, desen Deeg



Méckekuch Korintekuch

iwwe d'Nuecht zougedeckt am Frigo
 opgoe loossen. (soss eng guut Stonn
 bei Zëmmertemperatur) Den Deeg an
 8 Stécker deelen an doraus Bulle ma-
 chen. Déi 8 Bullen an eng mat Bakpa-
 beier ausgekleete Cake-Bakform fest
 niewentenee leeën an nach eng Stonn
 mat engem Duch zougedeckt opgoe
 loossen. Mat dem geklappten Ee usträi-
 chen an an engem op 180 ° virgehétzte
 Schäffchen 30 Minutte baken. Aus der

Form eraushue-
 len an op enger
 Hiertchen kal gi
 loossen. Mmm-
 mhhmm!!!



Mobile

Firwat net eemol e puer schéi Mécken duerch d'Mëtt vun denger Kummer fléie loosse?

Du brauchst: Kartong, Schéier, wäissen Holzläim, Seidepabeier, Faarf, Basteldrot, e puer Äscht.

Mol der e puer Mécken op de Kartong a schneid se aus. Rapp de Seidepabeier a Schnippselen a pech e mat Holzläim op deng ausgeschnidde Mécken. Looss

se dréchnen a maach mat engem Locher Lächer dran. Sträich se elo schéi faarweg un. Maach fir d'éischt eng Couche wäiss Faarf drënner, dann deckt d'Faarf besser. Stréck deng faarweg Mécke mat dem Basteldrot un d'Äscht.



Deen décksten Aascht hëls du, fir alleguerten d'Äscht mat de Mécken drun ze strécken. A fäerdeg ass däi schéine Méckemobile: Wien huet da gesot, datt d'Mécken net dierfte faarweg sinn?



Méckefänkert

Du brauchst: 2 eidel Plastikwaasserfläschchen, schwaarz Faarf, Gebeess oder Limonad.

Sträich den ënneschten Deel vun enger Fläsch schwaarz un. Schneid e Puer Lächer dran a maach e puer Löffele Gebeess oder e bësse Limonad dran. Schneid déi aner Fläsch an der Mëtt of. Aus dem ofgeschnidde Deel schneids du nach en +/- 5 x 6 cm grousst Stéck eraus. Rull dat op a stiech et an deng éischt Fläsch. Maach elo déi zweet Fläsch drop. Dobaussé ginn domadder och Harespelen ugezunn.



Méckelidd

Du brauchst nëmmen op d'Melodie vun «Mylord» vum Edith Piaf (frot Är Elteren oder Grousselteren) ze singen an dës Pantomimen dobäi ze maachen. Mécht décke Spaass!



(Weis mat de Fangeren: nee, nee, nee)



(Maach mat de Fangeren bla, bla. Pak mat den Daumen d'Fangeren un.)

4

an ass mat vill Gebrumm



(D'Daumen ënner d'Ärm stechen a fléien)

rondrëm d'rout Päerd geflunn.



(Mam Zeigefinger iwvert dem Kapp eng kreesend Bewegung maachen)



Rätsel

Fuer den Zifferen an de Buschtawen no...



...da gesäis du, firwat d'Méck kräisch.



7



Do huet dat rou-oud Päerd,

(D'Hänn klappen op d'Khéien wéi d'Huffen vunn engem Päerd)



sech einfach ëmgedréint,

(D'Hänn eng iwvert déi aner, a rëm klappen wéi d'Huffen)



an huet mat sengem Schwanz,

Eng Hand hält den telebou, déi aner widdelt hin an hier wéi de Schwanz vum Päerd)



d'Méck do ofgewiert.

Klapp an d'Hänn, a mat den Daumen weis d'Méck iwvert d'Schëller)

Mécken Mécken



D'Aen



Eis Aen hu je 1 ron Lëns, d'Ae vun de Mécken hunn dausenden sechseckeg Lënsen. Wann eng Méck äis kuckt, gesäit si e Bild vun äis, dat aus villen dausenden Einzelbiller besteet. Mat hiren Ae gesinn d'Mécke Formen a Faarwen. Si gesinn déi klongste Bewegung a kënnen sech sou ganz séier aus dem Stëbs maachen, wann eppes op si duerkënnt.

D'Méck reagiert mat enger Vitesse vu manner wéi 2/100 Sekonn, 10 mol méi séier wéi de Mënsch! Dofir ass et sou schwéier eng Méck ze fänken.

De Mond



8 D'Méck richt a schmaacht mat hire viischte Féiss a mat hiren Antennen. Wa si eppes lessbares (an dat ass bei der Méck sou zimlech alles, kuck Säit 10) fonnt huet, fiert si hire Saugrüssel eraus a suckelt et op. Si kann nëmme Flësegkeeten ophuelen. Wa si awer fest Narong fënnt, da sprutzt si Spaut drop a mécht se flëseg.

Mécken ----- Mécken

D'Been an d'Féiss

Mécke kënnen iwwerall lafen, souguer um Plafong oder op Glas. Ganz vir um Fouss hu si schaarf Krallen an e Koup pecheg Hoer. Domat hale si sech fest, wa si op glate Plaze landen. Mat den Hoer un de Been tauscht d'Méck a ka Geforen erkennen.

Wann d'Mécke zu engem Rondflug starten, da sprange si fir d'éischt mat hirem mëttelste Puer Been an d'Luucht an da geheie se de Fillekemotor un. Géife si schon um Buedem mat de Filleken ufänken ze schloen, da géife se sech hir laang Filleken um Buedem stoussen. Fir op der Kopp ze landen, mécht si hir viischt Féiss iwwert de Kapp, sicht Halt a schwéngt dann hire Kierper ronderëm.

Mat de viichte Féiss kann d'Méck och schmaachen, si huet do Geschmaachshoer.



Fotoen: G. Haldimann

D'Fillecken



Mécke si super geschéckt a séier! Si kënnen 2 Meter an der Sekonn fléien a schloen an der Zäit ongeféier 200 mol mat hire Filleken. Dobäi maache si e Geräisch wéi e klengen Helikopter. Mécke verléieren ni d'Orienteierung: hiert zweet Puer Filleken huet sech am Laf vun der Zäit a «Schwingkölbchen» ëmgewandelt an déi hëllefen hir d'Gläichgewicht ze halen a sech ze orientéieren. Sou kënnen d'Mécke Salto schloen, ouni sech de Kapp ze stoussen!

Propper Mécken?



Mécke bësele ronderëm a setze sech iwwerall hin! Ass dat schlëmm?

Dat kanns du mat dësem eklegen **EXPERIMENT** erausfannen:

Du brauchst:

- 2 flaach Glasschosselen,
- 2 Deckelen
- e Cube
- gliddeg Waasser
- Stärkt (Gromperemiel)
- e Glas
- eng Méck



1

Léis de Cube an engem Glas mat gliddegem Waasser op. Géff e bësse Gromperemiel derbäi, fir datt d'Britt méi déckflësseg gëtt. Deel d'Britt op déi 2 Glasschosselen op a lee d'Deckelen drop. Looss d'Britt ofkillen.



2

Fänk eng Méck a setz se an eng vun de Glasschosselen, deck se direkt rëm zou! Wann d'Méck op der Britt ronderëm getrëppelt ass, looss se rëm fräi.

AHA! WAT ASS DANN DO GESCHITT?

Mécke sinn Allesfriesser: si friesse gär Zocker, Gebeess, Mëllec, Brout, Fleesch, Kéis a ganz gær Offäll, Mëscht, Kompost an doudeg Déieren.

Op den Offäll an den doudegen Déieren entwéckele sech ëmmer Mikroben. D'Méck leeft dodriwwer a schleff d'Bakterie mat sech ronderëm. An der gliesener Schossel ass d'Méck iwwer d'Britt gelaf an huet do Bakterie gelooss, déi sech wonnerbar

vermeert hunn (d'Britt ass e super Närbuedem, op deem d'Wëssenschaffler Bakterien zichten).

An esou bréngen d'Mécken och Bakterie mat, wa si op eisem lesse sëtzen. Vun deene Bakterie kënnen mir, wa mer empfindlech sinn, krank ginn! Iwwer 2 Milliounen Bakterien kann eng Méck mat sech schleefen an äis Mënschen z.B. Salmonellen-erkrankung, Duerchfall oder Gielzecht ginn. Mécke kënnen och Eeër vu Parasitewiirm mat sech droen.



3

No e puer Deeg sinn an der Schossel, wou d'Méck spazéiert ass, wäiss Flecken entstan. An der anerer Schossel huet sech näischt geännert.

WAT MAN?

1

lessen oder Gedrénks op kee Fall laang an der Kichen oder um lessdësch stoe loossen. Am Beschten d'lessen eréischt op den Dësch bréngen, wa giess gëtt.

2

Tellere oder Schossele mat lessen dran mat engem Duch oder engem Netz oder engem Deckel ofdecken.

3

D'lessen, och d'Uebst, am Frigo versuerger. Ganz guft oppassen, datt ee keng Méck am Frigo aspäert, soss fënnt ee bannent kuerzer Zäit Mécken-eeër um Fleesch.

4

D'Grimmelen, d'Schokisränner an d'Jusflecken um Dësch ewechman.

Mécken hu Wäermt ganz gär. Dofir bësele si am Summer wéi geckeg ëm äis Mënschen a wëlle sech andauernd op äis setzen. Ënner 7° C fale si an eng Wanterstarre. An engem Haus, dat gebotzt gëtt a wou d'Dreckseemere réigelméisseg eidel gemaach ginn, fanne si dann och näischt fir ze friessen. Dofir hu mir an der kaler Joereszäit eis Rou virun deene Plogeschter.

Malaria (Paludisme op Franséisch)

A ville Länner, haaptsächlech waarmen a fiichte Länner ginn nach haut vill Leit krank oder stierwen un der Malaria:

MÉI WÉI ENG MILLIOUN LEIT STIERWEN ALL JOER U MALARIA OP DER GANZER WELT

Iwwer 300 Milliounen Leit leiden ënnert der Krankheet. Dovunner liewen 90% an Afrika. D'Kanner tëschent 4 Méint a 5 Joer sinn am meeschte betraff: an Afrika stierft all 30 Sekonnen e Kand un der Malaria.

HËLLEF

Dat Wichtigst bei Malaria ass eng sou séier wéi méiglech Behandlung mat wierksame Medikamenter. E schlëmme Problem ass, datt a ville Géigenden vun der Welt dat üblegst a bëllegst Medikament, de Chloroquin net méi wierksam ass, well den Erreeger resistent dergéint ass. Aner wierksam Medikamenter si vill méi deier a kënnen vun deenen arme Leit net bezuelt ginn. Och ass et fir déi arme Leit dacks net méiglech Hëllef ze kréien, well keen Dokter a kee Spidol do ass.



Verschieden Organisations hëlfe, andeems si zum Beispill e grouse Concert organisieren oder Moskitonetzer, déi mat Insekteschutzmittel gedränkt sinn, ausdeelen oder Sue sammele fir Medikamenter géint d'Malaria.



Mamme waarden mat hire Kanner op Medikamenter. Si mussen dacks wäit reesen, fir vun engem Dokter gehollef ze kréien.



E Malaria-krankt Kand mat Bluttaarmut. Et gesäit een den Ènnerscheid tëschent der Faarf vu senger Haut an där vu senger Mamm.



Schlafen ënnert dem Moskitonetz



Réigelméisseg ginn d'Moskitonetzer mat Insekteschutzmittel gedränkt.



ANOPHELES - MUSTIK

Dës Krankheet gëtt vun der Anopheles - Mustik iwwerdroen. Den Erreeger vun der Malaria heescht «Plasmodium». Dëse Parasit* vermeert sech an der weiblicher Mustik a gëtt, wann d'Mustik pickt, fir Blut ze suckelen, op de Mënsch iwwerdroen.



Net all Mustik huet e Parasit an iwwerdréit ustiechend Krankheeten. Och wa mir heiansdo vun enger Mustik gepickt ginn, gi mir nach laang net krank!



Beim Picken hält déi weiblech Anopheles-Mustik ëmmer ee puer Been an der Luucht.


MALARIA

Ongeféier 8-12 Deeg nom Moskitostach gëtt ee krank. Dacks fänkt et u wéi eng uerg Gripp mat schlëmmem Kappwéi, Middegkeet, Iwwelzechkeet, ... Da kënt et zu héijem Féiwer bis iwwer 40°C mat Schüttelfrost a Bluttaarmut. Wann d'Krankheet ganz schlëmm verleeft, kann et zu Krämpufäll a Koma kommen, d'Nieren an d'Longe schaffen net méi an dat kann zum Doud féieren.

An de waarmen a fiichte Länner, wou d'Malaria virkënnt, ass et ganz wichtig, sech gutt ze schützen!



An der Dämmerung an nuets gutt Kleedung, Hiemer oder Bluse mat laangen Äerm, laang Boxen undoen. Ënnert engem Moskitonetz schlafen, Insektenofstoussmittel benotzen. Am a ronderëm d'Haus oppassen, datt d'Mustik keng Brutplaz fënn: Eemer, Fässer, Pëtzer a Puddelen ëmmer zoudecken.



Déi weiblech Mustik huet een extrae Pickapparat um Kapp. Dodru sinn 2 Puer scharf Messeren, déi d'Haut opschlitzten. Bannendra sinn 2 Réier. Duerch deen ee suckelt d'Mustik Blut, duerch deen anere strutz si Spaut ënnert dem Mënsch seng Haut. An dem Spaut ass e Mittel dran, dat mécht, datt de Mënsch kee Wéi spiert an also net mierkt, datt e gepickt gëtt.

Eng erwuesse Mustik leet all 2-3 Deeg 30-150 Eeër a proppert Waasser. No ongeféier 1 Woch klammen déi erwuesse Mustiken eraus. Eng Mustik gëtt 2-3 Wochen al.

* E Parasit ass e Liewewiesen, dat op Käschte vun engem anere Liewewiesen leeft.

D'Spann an d'Méck

An engem Dall un den Uwänner vun enger Baach huet eng Spann gelieft. Déi Spann hat sech en härleche Palais aus konschtvoll gewieffe Spannefiedem gesponn, an deenen d'Drèpse vum Da geglènert hu wéi Stären. De Palast war der Spann hire ganzen Houfert, si ass duerch all d'Zëmmere gelaf, iwwert d'Diamantebréck, déi si bis bei d'Wuerzele vun enger aler Weed gesponnen hat, an huet sech un hirem Wierk gefreet. Mä d'Spann war traureg, well si war eleng.

Si huet sech virgeholl, sech no Gesellschaft ëmzekucken. Scho laang hat si mat grousser Freed de Mécken nogekuckt, déi Dag fir Dag bei der Baach duerch d'Summerloft geschwírt sinn a gesummt a gesong hunn. Si waren esou lücht an zerbrécherlech a charmant. D'Spann war ewech vun hire schéine gëllene Filleken, déi geblénkt hu wéi Dadrëpsen.

Déi léifst ënnert hinne war d'Goldie. Hir Filleke ware sou wonnerbar, wéi wa si aus Sonnestrale gewiefft wäeren. An danze konnt si, datt d'Spann ganz duercherneen am Kapp gouf.

«D'Goldie muss d'Härin vu mengem Haus ginn,» huet d'Spann gesot, «et soll de ganzen Dag fir mech danzen!» A vun do un ass si der klenger Méck Goldie iwwerall nogelaf.

Mä d'Goldie wollt awer näischt vun hir wëssen. Si wollt just mat hire Schwëstere danzen. Dofir huet d'Spann decidéiert, si mat engem Trick ze fänken. Owe huet si e sëlwegt Netz um Ufer preparéiert a gewaart.

Mies, wou d'Sonn opgaang ass, koumen d'Mécken, fir ze danzen. D'Goldie wouss kaum, wéi et gung, du war et

schon am Netz gefaang. «Looss mech lass, Spann!» huet et geruff.

Mä d'Spann huet net gelauschert. Si huet sech virum Goldie vernäipt a gesot: «Wëllkomm a mengem Palais. All meng Diamanten a meng Säll solle vu lo un dir gehéieren. Du solls a mengem Haus wunnen an zesumme mat mir Hunneg aus sëlwerege Becheren drénken.» Si huet dat erféiert Goldie an e wonnerschéint Zëmmer gefouert an huet him wonnerbart lesse bruet. Si sot zum Goldie: «Danz fir mech!»

eraus bei meng Schwëstere!».

Mä d'Spann huet hatt net goe gelooss. D'Goldie ass ëmmer méi schwaach ginn. D'Spann huet sech Suerge gemach an nom Dokter geruff, engem décke schwaarze Kiewerlek. Dee sot: «Dat Eenzezt, wat d'Goldie rëm gesond maache kann, ass d'Sonnlicht!» D'Spann huet d'Goldie op de Balkon gedro. Mä



d'Goldie sot: «Huel mer déi schwéier Decken ewech a wann dach nëmme meng Schwëstere bei mir wäeren!» D'Spann huet keng Minutt verluer an dem Goldie seng Schwëstere geruff. D'Goldie ass vum Balkon erop geflunn a matten ënnert seng Schwëstere, wou et erëm glécklech gedantzt huet. Wou d'Sonn ënnergaang ass, ass si mat hire Schwëstere fortgefllunn. D'Spann huet ëmsoss drop gewaart, datt et erëm kéim, mee et ass net komm.

Dunn ass d'Spann rose ginn: «O waart, Dir Mécken! Wann ech lech nach eemol an der Noperschaft vu mengem Palast fannen, da wäert Dir mir dat béissen!»

A vun do u louch d'Spann Dag fir Dag an hirem Netz op der Lauer. A wann eng Méck sech an hirem Netz veriert hat, da war dat hiert séchert Enn.

Nach haut ass all Méck, déi an e Spannnetz geréit, hofflungslos verluer. An dat alles, well et eemol eng Méck mam Numm Goldie gouf, déi Filleken hat wéi aus Sonnestrale gewiefft!

Mä d'Goldie krut an deem däischeren Zëmmer ënnert der schwéierer diamantener Decke keng Loft. Hatt ass traureg ginn a schwéiermiddeg an et huet iwwerhaupt näischt méi gemach. D'Spann huet et mat ëmmer méi Räichtum iwwerheeft, mee d'Goldie sot: «Looss mech



Gesammeltes aus der Vakanz



e Stéck Landkaart

Sand aus dem Süden

en Entréesticket


Du hues bestëmmt e ganze Koup flott Plommen, Muschelen, Sand, gedréchent Blummen oder soss Entréesticketen, Landkaarten oder Postkaarten, déi s du aus der Vakanz matbruecht hues. Wéi wär et, wann s du dës géifs mat denge Fotoen an en Album pechen. Allez hop! En Tube Pech, e puer Etiquetten, eng Schéier, Faarwen, e bessen Zäit a schons gétt aus denge Vakanzesouveniren e super Album!

Stécker vun enger wäisser Etiquette

e Carnet oder e Fotoalbum



Muschelen



Nach eng aner cool Iddi, fir denge Vakanzefotoen ze verpacken: Zeechen der dëse Modell op Kartong op, schneid en eraus an décorier en no denge Iddien. Mat gesammelte Muschelen oder dem Sand, deen s du aus der Vakanz matbruecht hues. Pech gedréchent Blummen oder e Grapp voll schéi kleng Stengercher drop (dat geet ganz guff mat Sekonnelläim, mä looss der do vun engem Erwuessenen hëllef) Färddeg ass denge Rumm, du brauchst dann nëmmen eng Foto dranzerutschen an opzestellen.

DE KINNEK HUET FÉIWER



Op engem gliddegen Nomëtteg koum de Léif, Kinnek vun den Déieren vun der Juegd heem an huet sech doudmidd op seng Matt fale gelooss. Hie war schrecklech duuschteg, mä ze schwach fir opzestoen. Heen hat héich Féiwer. Säi Pelz war naass vu Schweess. D'Madam Léif huet gemaach, wat si konnt, mä de Kinnek ass ëmmer méi schlecht ginn. Geschwënn ass den Af vun Aascht zu Aascht gaang mat der traureger Noriicht: de Kinnek läit um Sierwen.



Dem Kinnek seng Frënn koume bei de Léiwepalast, fir d'Famill ze tréischten. Berühmt Heeler si geruff ginn an Zauberer hu probéiert hie mat geheime Medezinen ze heelen, mä et huet näischt dem Kinnek gehollef. Tréine stoungen an den Aen vu senger jonker Fra. D'Trommele goufe prett gemaach, fir den Doud vum Kinnek ze verkënnegen.

Verschidden Déiere ware frou, de Kinnek sou krank ze gesinn. De stolze Leopard, dee selwer wollt Kinnek ginn, ass ronderëm dat kinneklecht Krankebett geschlach an huet geschnoffelt. De Kinnek huet net mat der Wimper gezuckt. «Hie wäert net méi fir laang hunn», duecht de Leopard. Mat enger Patt huet de Leopard gemaach, wéi wann e sech géif eng Tréin ewechwäschen, mä mat der anerer huet en den Dénger, dee kaalt Waasser wollt un dem Kinnek seng Lëpsen halen, fale gedoen. «Wat? Kaalt Waasser, wann dem Kinnek säi Kierper brennt? Hues du je gesinn, datt Waasser a Feier sech vermëschen? Hennes, wëlls du hien ëmbréngen?» Den Dénger ass voller Angscht fortgelaf an huet d'Waasser mat geholl.



An Tëschenzäit huet déi giereg Hyän vum Kinnek senger Krankheet héieren. D'Hyän hung ëmmer ronderëm, wann en Déier um Sierwe lung, mä si wollt ganz besonnesch dem Kinnek, dee si ni respektéiert huet, seng lescht Momenter genéissen. «Wann de Kinnek mat engem Fouss am Graf steet,» sot d'Hyän sech, «firwat soll ech en dann net ganz drastoussen?»

D'Hyän huet zwou Hait vun Déieren zesummegebitzt. D'Waarzeschwäin huet him gehollef.

D'Hyän hat him eng Undeitung gemaach, datt hie jo kënnt dem Kinnek seng jonk Wifra bestueden, well dat aarmt, ellent Déier konnt ee ganz einfach uschmieren. Si sinn zesumme bei de Kinnekspalast gehetzt.

«Mat sou vill Féiwer ass et wichtig, datt et dem Kranken net kal gëtt. Kuck, de Kinnek ziddert a seng Zänn klapperen. Mir mussen en zoudecken.»

D'Hyän an d'Waarzeschwäin hunn de Kinnek an d'Hait agewéckelt. D'Waarzeschwäin huet nach eng déck wëllen Decken driwwer gehäit.

Si si fortgeschlach, fir e Fest am Duerf virzebereeden, fir dem Kinnek säin Doud ze feiern an «Wee weess», sot d'Hyän «vläicht och eng Hochzäit».

Dobaussen ass de Buedem ënnert der brennender Sonn gebascht. Dobannen huet

d'Madam Léif lues gekrasch. Keen huet e Wuert gesot. An de loftdichten Hait, wéi an engem Uewen, ass de Kinnek bal erstéckt. Hien huet ganz lues mat engem rabblege Geräisch geotemt.

Eleng an engem Eck souz de Leopard ganz roueg, seng Aen hu geglännert. Hien huet gewaart ...

Op eemol ass en Trapp Feldhénger erakomm. «Mä Dir bréngt de Kinnek jo em mat deenen

Hait an där Decken,» hu se gejaut. «Hee stierft jo vun deeër Hëtzt! Séier, un d'Aarbécht!» Séier wéi de Blëtz hu se d'Decke mat hire Schniewelen erofgezunn. Si hunn d'Stéch, déi d'Hait zesummegehunn, erausgezunn an de Kinnek opgedeckt. Eng Parti Feldhénger si killt Waasser siche gaang. Déi eng hunn de Kinnek domat genetzt, déi aner hunn him gehollef fir kleng Schlippercher aus enger Taass ze drénken. Si all hunn him mat hire Fllilleke Loft zougefächert.

Déi gescheit al Deckelsmouk koum mat engem klenge Gräppche Salz. Si wouss, datt d'Salz ganz néideg war, fir datt de Kinnek besser sollt ginn. D'Giraff huet

sech erop bei a Bam gestreckt, fir e bëssen Hunneg aus engem Beiennascht ze huelen. Si wouss, datt Hunneg a Salz zesummeschaffen. Si hunn den Hunneg mat e bësse Salz an d'Gedrénks gemaach, dat se dem Kinnek gerecht hunn.

Geschwënn huet d'Féiwer ugefaang erofzegen. De Léif huet en Aen opgeschlo a ronderëm gekuckt. Heen huet direkt verstan, wat fir knaschteg Tricker seng Feinden him gespillt hunn. Hien huet ganz haart gebrëllt. Hie war sou rosen, datt d'Hoer vu senger Mähne sech opgeriicht hunn a riicht vu sengem Kapp ewech stoungen.

D'Hyän an d'Waarzeschwäin koumen zréck vum Duerf, Aarm an Aarm an hu gesong, wéi de Léif si erbléckst huet. Si wousten net, wéi et gaang ass - an engem Moment hat de Léif si erofgeschlong.

De Leopard ass dem Léif senger Roserei entkomm. Wéi hie gesinn huet, wéi gescheit a geschéckt d'Feldhénger dem Léif säi Féiwer behandelt hunn, huet hien net gewaart, wéi d'Saach géing ausgoen. Hien huet sech an den déiwe Bësch ewechgemaach.



Déi aner Déiere ware frou, datt de Léif erëm gesond war. Den Elefant huet fir si all geschwat, wéi e getrottert huet: «Wa mir eng Kéier engem hëllefe mussen, dee Féiwer huet, kënne mer näischt Besseres maachen, wéi eis kleng Frënn, d'Feldhénger, nozemaachen.»


FIR D'ELTEREN

Wann elo déi kal Joreszäit kënnt mat Erkältungen, Gripp a Féiwer:

- e Kand mat Féiwer soll kill leien, soulaang d'Féiwer bleift. D'Kand net zoudecken!
- dem Kand Wuedewéckel maachen (mat killen, naassen Dicher)
- d'Kand just mat dënne Kleeder oder engem liichte Lëlledech bedecken
- dem Kand dacks lesse mat Salz (och Salzstaangen) a vill ze drénke ginn (Waasser, Bouillon)

Opgepasst: wann d'Féiwer ze héich gëtt, d'Kand schlecht drun ass a schwéier otemt, den Dokter ruffen!

De Mythos vum «Féiwer ausschweessen», dat heescht de Patient mat Féiwer waarm apaken, féiert weltwäit zu dausende vun Doudegen!





Fues-Boken?



Verschiede Schwiefmécken hu sech als Harespel verkleet, fir net vun hire Feinden, de Vulle gefriess ze ginn.

Giel-schwarz oder rout-schwarz si Warnfaarwen a bedeuten: Opgepasst ech si géfteg oder ech wiere mech fierchterlech! (ka picke wéi eng Harespel!).



D'Schwiefméck ass awer harmlos a profitéiert vun de schlechten Erfahrungen, déi d'Vigel mat den Harespele gemaach hunn.




Eng Mees, déi eng Kéier gepickt ginn ass, fänkt ni méi eng Harespel oder en ähnlecht Déier.

Wéi kann een eng Schwiefméck vun enger Harespel ënnerscheiden? Ganz einfach: Du muss d'Flilleken zielen. Eng Schwiefméck huet wéi all Méck 2 Flilleken, Beien an Harespelen hunn der 4.

Mécke bestäube Planzen?



Eigentlech denkt ee jo, datt d'Beien d'Bléieplanze bestäuben. Mä d'Mécke spillen hei awer och eng ganz wichteg Roll! Vill Mécke si ganz benzeg op den Nektar vun de gutt zeidege Bléien. Si koschtere vu Bléi zu Bléi a streeën, ouni eppes dovu matzékriien, de Pollen, deen un de Buuschte vun hirem Gesiicht an hire Patten hänkebliwwen ass. Héich an de Bierger iwwert der



Bamgrenz sinn et haaptsächlech d'Mécken, déi d'Planze bestäuben. Eng Planz, den Aronstab (Heckepeppchen) huet sech ee besonneschen Trick ausgeduecht, fir d'Mécken dozou ze kriien, se ze bestäuben: si lackelt d'Mécken un, déi falen an hiren Triichter a bleiwen do e puer Deeg gefaang, bis d'Planz se erëm fräi léist. Da fléie se fort a sinn natierlech voll Bléiestëbs, dee se dann an di nächst Bléi streeën.



Firwat ginn ech gepickt an du net?

Et gétt ee ganz einfache Grond, fir wat d'Mécken net all d'Leit mat der nämlecher Begeeschterung picken: eise Kierpergeroch!

D'Insekten hunn am allerléifsten e Geruchscocktail vun 60-80% Mëllesaiier mat 10-20% Ammoniak a Fettsaiieren. Bei Mënsche mat sou engem Kierpergeroch suckelen d'Mustiken am léifste Blut. Mënsche mat sou engem Kierpergeroch kënnen do guer näischt maachen, och mat vill Waasser a Seef gi si hire Kierpergeroch net op d'Dauer lass, well de Schutzmantel vun der Haut sech ëmmer erëm erneiert!




- Wéivill Méckenaarte kenne mer op der ganzer Welt?
- A) 10.000
- B) 100.000
- C) 1.000.000

Léisung op Sait 2

Mécke si propper Déieren?

D'Mécken dreuwe sech jo am léifsten op Knascht ronderëm a schleefe ganz vill Mikroben mat sech. Mä d'Mécke botzen hiren horege Kierper ganz dacks. Bei de Flilleken huele si sech am meeschten Zäit, déi gi gebotzt, bis kee Stëbskär méi ze gesinn ass!




Fleeschfressend Planzen?

Wéi, normalerweis friessen d'Déieren d'Planzen. Oder?

Eng Parti Planze friesse mat groussem Genoss Déieren, virun allem Insekten a Spinnen.


Fleeschfressend Planze lackelen z.B. Mécken un a klappen da séier wéi de Blëtzzou. D'Méck sëtzt an der Fal a gétt vun der Planz duerch e Verdauungsjus (Saiieren) verdaut.

De Sonnentau mat senge pechege Blieder, d'Venusfal mat hiren zwee Blieder, déi zouklappen oder de Waasserschlauch mat sengem Triichter mat de glate Wänn, all fänken se d'Insekten op hir Manéier.



Summer 2006

Wat war lass am Panda-Club?



Fossilie-Jeeër Juli 2006



Tarzan Juli 2006



Boomerang 28.07.2006

